N°7716
Entrée le 07.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

No de Revelatioune ronderëm eng Rei Dokteren, déi am Ausland verurteelt waren an *d'autorisation d'exercer* verluer haten, ass bekannt ginn, datt dës Dokteren zum Deel weider zu Lëtzebuerg hire Beruff ausübe géifen, op Grond vun enger vum Ministère ausgestallten Autorisatioun. Gläichzäiteg schéngt et esou, wéi wann de Ministère dës Autorisatiounen nëmme mat vill Retard, wann iwwerhaapt, géif annuléieren, dëst obwuel dës Dokteren am EU-Ausland rechtskräfteg verurteelt goufen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. A wéi ville Fäll, opgeschlësselt no Joer a Grond, huet de Ministère zanter 2018 eng *autorisation d'exercer* oferkannt?
2. Wéi laang dauert esou eng Prozedur an der Moyenne?
3. Ass d'Madamm Ministesch zefridde mat dëse Prozeduren? Falls nee, wat géif Sie proposéieren z'änneren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten